CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 DEC. 2014

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 8 décembre 2014

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 Luxembourg**

Réf. : Co/QP 678-02/JM-dm

**Objet**: **Question parlementaire N° 678 du 5 novembre 2014 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

---

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire sous objet, avec prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Pour le Ministre de la Sécurité intérieure,
La Secrétaire d'Etat

Francine Closener

Dossier suivi par : Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu

**Réponse des Ministres de la Sécurité intérieure, de la Défense, du Développement durable et des Infrastructures, et de la Justice à la question parlementaire No 678 du 5 novembre 2014 de l'honorable Député Fernand Kartheiser**

---

A) Et gëtt eng eenzeg Zone vum espace aérien déi permanenten Flugrestrictiounen ënnerstallt ass, fir all Zort vun Aéronef : dat ass en Krees ronderem d'Fabrik Dupont de Nemours an der Zone Sandweiler-Contern (klasséierten Site « *Seveso II* »), déi direkt no beim Flughafen ass, an déi also ganz no un der Trajectoire vun den Landungen an Décollagen vum Flughafen ass. Et gëtt eng Publicatioun dozou am l'AIP (*Aeronautical Information Publication*) Belgique - Grand-Duché de Luxembourg ënner der Dénominatioun « *ELPO1* » (*Luxembourg prohibited zone 1*).

B) D'*loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la règlementation de la navigation aérienne* gesäit d'Méiglechkeet fir, fir provisoresch, via en arrêté grand-ducal, an exceptionnellen Ëmstänn (grouss Evenementer, ...), d'Circulatioun vun Aéronefs iwwert verschidden Zonen vum Territoire ze verbidden, sous réserve dass dat op eng appropriéiert Manéier öffentlech gemeet gin ass. Esou Verbueder ginn äusgesprach am Kader vun groussen Evenementer an no enger Evaluatioun vun der Menace gemeet.

C) Den Artikel 25 vun der loi modifiée vum 31 Januar 1948 gesäit pénal Sanctiounen fir géint all Aéronef déi en onnéidegen Vol oder Manöver mecht deen kéint d'Leit u Bord oder d'Leit an Biens um Buedem a Gefor setzen.

D) Zu Lëtzebuerg ass d'Police fir öffentlech Sëcherheet zoustänneg. Bis elo waren mer nach net matt enger Situatioun konfrontéiert wou esou een Apparat hätt missten aus Sécherheetsgrënn erofgeholl oder zerstéiert ginn. D'Police suivéiert dat vun no, an ass och an enkem Kontakt matt eisen Nopeschlänner betreffend d'Evolutioun vun der Situatioun an déi taktesch an operationell Approche zu esou enger Menace.

E) Bis elo huet d'Direction de l'Aviation Civile keng formell Plainten oder Beschwéieren kritt iwwer d'Utilisatioun vun Dronen zu Lëtzebuerg fir en kriminellen oder Spionage Zweck. D'Police krut schonn Fäll vun Gebräuch vun Drohnen gemellt, mee et konnt awer bis elo net direkt eng Verbindung matt kriminellen Handlungen oder Ausspionéieren festgestallt ginn.

F) D'Elaboratioun vun engem spezifeschen Kader fir Dronen (Immatriculatioun, Suivi vun der Navigabilitéit, Utilisatioun, ...) gehéiert zu den Prioritéiten vun der DAC. Esou en Kader muss, der EASA (European Aviation Safety Agency) no, en phase sin mat den lignes directrices déi am gaangen sin élaboréiert ze gin op europäeschem Niveau.